déi jonk gréng

PRESSEMITTEILUNG
COMMUNIQUÉ DE PRESSE

Lëtzebuerg, de 24. Juli 2024

D'Petitioun n°3198 ass diskriminéierend géint d'LGBTQIA+ Communautéit!

Mat erschrecke stelle mir fest, dass d'Petitioun n°3198 mam Titel "Exclure les thématiques LGBT de l'éducation des mineurs" bannent just dräi Deeg méi wéi 4.500 Ënnerschrëfte gesammelt huet an dat obwuel den Inhalt vun där Petitioun ganz kloer diskriminéierend géintiwwer der LGBTQIA+ Communautéit ass.

D'Fuerderung vun der Petitioun ass d'Opklärung iwwer LGBTQIA+ Themen an de Schoule bei Mannerjäregen ze verbidden. Et gëtt fälschlecherweis behaapt, dass dës Opklärung d'Entwécklung vun de Kanner schuede géif. A Wierklechkeet ass awer de Contraire de Fall: Eng fréi an dem Alter entspriechend Opklärung ass dat beschte Mëttel fir Diskriminéierung, Ausgrenzung an Haassgewalt géintiwwer Membere vun der LGBTQIA+ Communautéit ze verréngeren[1]. Dat zielt besonnesch fir Kanner, där hir mental Gesondheet staark leid, wann se Affer vun där Form vu Gewalt duerch aner Kanner ginn. Et ass statistesch noweisbar, dass do wou anti-LGBTQIA+ Gesetzer u Schoulen existéieren, Haassgewalt an Diskriminatiounserfarunge géint d'LGBTQIA+ Communautéit zouhuelen[2]. **D'Fuerderung vun dëser Petitioun entsprécht doduerch enger Diskriminatioun.**

Eng LGBTQIA+ Opklärung sensibiliséiert Kanner a schaaft Toleranz. Si léieren, dass aner Leit net heterosexuell an/oder net cisgeschlechtlech sinn an dass si spéider selwer och sou kënne sinn. Duerch eng adequat Opklärung kënne jonk Leit, déi net cis-heteronormativ sinn, sech am spéidere Liewe selwer besser akzeptéieren a méi selbstbestëmmt liewen, wat gutt fir déi mental Gesondheet ass.

Déi Nei Riets a Rietsextreem schwätzen am Kader vun der LGBTQIA+ Opklärung an de Schoulen oft vun enger Ideologie oder enger Propaganda, déi benotzt gëtt fir d'Schoulen ze politiséieren. Dat stëmmt alles net. Aner Sexualitéite wéi d'Heterosexualitéit an aner Geschlechtsidentitéite wéi cis-männlech a cis-weiblech gouf et schonn ëmmer a sinn net an de leschte Joren "erfonnt ginn". **Et gehéiert zum Bildungsoptrag vun der Schoul iwwer d'Gesellschaft an hir Realitéiten opzeklären.** A Wierklechkeet sinn et déi nei Riets a Rietsextreem, déi an hirem Bestriewen, LGBTQIA+ Themen aus de Schoulen ze verbidden, d'Schoule politiséieren.

Mir hu festgestallt, dass op der Internetsäit vun de Petitiounen am FAQ zwar steet, dass "[d]ie Petition muss in verständlicher und neutraler Sprache verfasst sein und darf nicht gegen ethische Grundsätze verstoßen (keine rassistischen, sexistischen, homosexualitätsfeindlichen oder diskriminierenden Kommentare)", am Chambersreglement awer op kenger Plaz präziséiert gëtt, wéini den Inhalt vun enger Petitioun se net recevabel mécht. Obwuel an der Vergaangenheet Petitioune mat der Argumentatioun si wieren diskriminéierend géintiwwer vu bestëmmte Bevëlkerungsgruppen net ugeholl goufen, ass dat bei dëser Petitioun net geschitt. **Mir kritiséieren dëst inkonsequent an diskriminéierend Handele vun der Petitiounskommissioun an der Conférence des Présidents.**

déi jonk gréng 96 rue du Kiem L-8030 Luxembourg
Tel.: 27 48 27 - 1 jonk@greng.lu

Mir sinn der fester Iwwerzeegung, dass et zu Lëtzebuerg keng Plaz fir Diskriminéierung vun der LGBTQIA+ Communautéit dierf ginn. Mir hu kee Verständnis dofir, dass d'Petitiounskommissioun an d'Conférence des Présidents d'Petitioun n°3198 der Ëffentlechkeet fir d'Ënnerschrëftesammlung fräiginn hunn. Mir fuerderen dofir d'Chamber an hir Petitiounskommissioun zu follgendem op:

- **Ze iwwerpréiwe wéi a firwat dës Petitioun fräigi gouf.**
- **Am Chambersreglement kloer ze benennen, wat fir Inhalter a Formuléierungen eng Petitioun irrecevabel maachen.**
- **Sech ausdrécklech bei der LGBTQIA+ Communautéit dofir ze entschëllegen.**

[1] https://www.apa.org/topics/lgbtq/lgbtq-inclusive-curricula

[2] https://www.washingtonpost.com/education/2024/03/12/school-lgbtq-hate-crimes-incidents/